

1. Press - Communiqué vun der Marche Blanche Silencieuse (MBS)

D'Marche Blanche Silencieuse ass zu Lëtzebuerg aus engem spontanen Treffen vu Leit mat deene verschiddensten Hannergrënn entstanen. Dëss Leit, mir, hunn eis vereenegt an eisen Differenzen, onofhängeg vun eisem sozialen, kulturellen oder reliéisen Hannergrond, an daat fir eis grouss Onrou iwwert eng ongerecht, inkoherent an absurd Regierungspolitik auszedrécken.

Mir wëllen eist Leed an eisen Desaccord friddlech ausdrécken.

Mir refuséieren déi aktuell sanitär Trennungen an déi programméiert Zerstéierung vu Wirtschaft, Gesellschaft a Famill.

Mir hunn an engem Rechtsstaat gelieft, mä ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskrijs goufen a ginn eis fundamental Rechter a Fräiheeten verletzt, ouni datt en effektiven Recours iwwert de juristesche Wee méiglech wier.

Mir hunn d'Vertrieder vum Vollek, déi elo am Parlament setzen, gewielt fir dat si de Programm anhalen deen per Vote vum Bierger validéiert gouf.

Ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskris huet d'Regierung an hir parlamentaresch Majoritéit déi konstitutionell Wäerter, Fräiheeten a Rechter, déi op d'Käschte vum Blut vum eise Virfahren erkämpft goufen, zerstéiert. Si sinn vun hirer Funktioun a Verantwortung zrëckgetratt andeems se d'Politik vun der Europäescher Kommissioun validéiert hunn déi net vun de Bierger gewielt ginn ass, am Géigesaz zum Europäesche Parlament.

Ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskris kruten eis Dokteren verbueden, verschidden Patienten ze behandelen, verbueden méintelaang hire Beruff auszeüben an dat, well eng Aschränkung vun hirem Recht fir Medikamenter an Therapie'en ze verschreiwen, hinnen imposéiert ginn ass.

Ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskris ass d'Awëllegung fir ee medezineschen Akt, deen duerch international Verträge garantéiert ass, de Bierger konfiskéiert ginn. Si hu keng loyal a komplett Informatiounen kritt, déi am Aklang mat den Donnéeën vun der Wëssenschaft sinn, fir dorops hin kennen hir Awëllegung zu enger Impfung ze ginn. Dobäi sinn déi klimesch Etuden fir des Impfung eréischt an engem Joer ofgeschloss.

Ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskris an am Géigesaz zou den traditionellen humanistesche Wäerter, ginn d'Kanner geaffert fir op eng hypokritesch Art a Weiseis eeler Leit ze retten. Dësen Uerder, eis Kanner ze impfen fir déi eeler Leit ze retten, ass onwierdeg a weist wéi d'Wäerter verdréint ginn: Kanner musse vun den Erwuessenen geschützt ginn an net ëmgedréit!

Ënnert dem Virwand vun enger Gesondheetskris a mat der Press als Kompliz, gëtt den oppenen Discours mat de Bierger iwwert déi geholle Moosnamen an de wëssenschaftlechen Debat

ënnerbonnen an dat, well e puer Leit dat net wëllen. **D'Mesuren, déi fir d'Gestioun vum Covid geholl goufen, sinn wëssenschaftlech a Fro gestallt.**

Mir si verantwortlech Mënschen, déi demokratesch Wäerter a Respekt virum Gesetz hunn, déi sech enger sozialer Kohesioun bewosst sinn. Dëst waren ëmmer d'Wäerter vun eisem Land.

Mir probéieren d'Divisioun vun der Gesellschaft ze stoppen andeems mir sozial Bezéiungen nei schaafen.

Haut verstinn mir datt d'Impfung als Virwand gedéngt huet fir e permanent Kontrollinstrument (Typ QR Code) opzebauen, fir aner net-eethesch an net-medezinesch Interessen ze déngen, vun deenen der e puer schon laang virun der „Pandemie“ - enner anerem - vun der Europäescher Kommissioun virgesinn waren.

Mir appelléieren also un d'Bierger, well mir fräi a souverän Fraen a Männer sinn.

Kommt an begéint d'Participanten vun der Marche Blanche Silencieuse. Dir wäert gesinn datt se weder Verschwörer sinn déi een belächelen muss, nach Impfgéigner fir ze zenséieren, a keng Aussätzeger, déi een kategoriséieren muss.

Kommt op déi 5. Marche Blanche Silencieuse, dese Freideg, den 12. November 2021.

Den Depart ass um 19.00 Auer virun der Philharmonie um Kierchbierg.

D'Streck ass déi selwecht wéi bei der 4. MBS.

D'Arrivée ass virun der Stater Gemeng, op der Place Guillaume (Knuedler) geplangt. D'Marche gëtt ofgeschloss mat enger musikalescher Iwwerraschung.

Well d'Zuel vun de Participanten bei all Marche Blanche Silencieuse eropgeet, gëtt d'Sécherheet vu Sécherheetsagenten a vun eiser Police Grand-Ducale assuréiert. Mir soen hinnen e grouse Merci fir hir Zesummenaarbecht an hiert Verständnis.

La Marche Blanche Silencieuse (MBS)

Lëtzebuerg, den 10. November 2021

mbs.info.contact@gmail.com

Annexe :

Charta MBS : <https://www.facebook.com/M.B.Luxembourg/>

